ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister a Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

A Syrien gëtt aktuell nëmmen nach bei Idlib gekämpft, wou d'IS hire leschte Stëtzpunkt huet. Schonn am Dezember hunn d'USA ugekënnegt, datt hir Zaldoten d'Land verloossen. A groussen Deeler vum Land kann den Nei-Opbau nom Krich ufänken, och nodeems eng Konferenz vun de Geber-Länner zu Bréissel 6,2 Milliarden Euro gesammelt huet. An deem Kontext wéilt ech dem Här Bausseminister an der Madamm Integratiounsminister dës Froe stellen:

1. Nodeems de Krich a Syrie praktesch eriwwer ass, stellt sech d'Fro vum Statut vun de Flüchtlingen. Hunn och déi syresch Flüchtlingen, an den Aen vum Här Bausseminister weider d'Wiel, ob si heemginn oder hire Flüchtlingsstatut hei am Land behale wëllen, esou wéi hien dat an der Äntwert op meng Fro Nr. 120 iwwert d'Irak-Situatioun gesot hat? Dës Fro bezitt sech natierlech net op déi kleng Deeler vu Syrien wou nach Krichshandlunge sinn, mä op déi Leit, déi aus Géigende kommen, wou et keng Gefor méi fir hir Liewe gëtt.

2. Wéi ass d'Praxis vun deenen aneren auropäesche Länner, wou syresch Krichsflüchtlinge sinn, z.B. an Däitschland an a Frankräich? Encouragéieren déi respektiv Regierungen déi betraffe Leit, fir esou séier wéi méiglech heem ze goen?

3. Wéi vill syresch Flüchtlingen hunn hei am Land de Flüchtlingsstatut?

4. Wéini wëll d'Regierung iwwert d'Situatioun an Syrien an am Irak statuéieren? Am Fall, wou d'Regierung géing feststellen, datt a Syrien an Irak kee Krich méi ass, wat fir Konsequenzen hätt dat op de Statut vun de Flüchtlingen?

5. Géing d'Regierung an deem Fall d'Leit aus Syrien an dem Irak, déi virum Krich fortgelaf sinn, encouragéieren, esou séier wéi méiglech nees heemzegoen an um Nees-Opbau vun hirem Heemechtsland deelzehuelen?

6. Wëll d'Regierung nach eng Familljenzësummeféierung hei am Land an d'A faassen, amplaz déi betraffe Leit zréck bei hir Familljen ze schécken?

7. Wéivill Suen huet Lëtzebuerg op der Geber-Konferenz zu Bréissel Mëtt Mäerz fir den Opbau vu Syrien bereetgestallt?

8. Ass et net kontraproduktiv, Sue fir Syrien ze sammelen a gläichzäiteg berufflech qualifizéiert Syrer net ze invitéieren, hire Flüchtlingsstatut opzeginn a sech an hirer Heemecht ze engagéieren?

9. E Begrëff, dee laang Zäit ganz gär gebraucht ginn ass, ass dee vum „Brain Drain". Gemengt war, datt no der kolonialer Ausbeutung, Industrielänner qualifizéiert Aarbechtskraaft an déi fréier Kolonie siche ginn an esou déi Länner weider méi aarm maachen. Ass et ze vertrieden, datt Handwierker, Verwaltungspersonal an Akademiker, besonnesch och medizinescht a para-medizinescht Personal, aus Syrien encouragéiert ginn, an Europa ze bleiwen, wa si beim Opbau vu Syrien gebraucht ginn an esouguer a Syrien ausgebilt gi sinn?

10. Applizéiert sech de politesche Begrëff vum „Brain Drain", dee vill Parteien och hei am Land ëmmer nees aktiv vertrueden hunn, haut an den Ae vun der Regierung net op Flüchtlingen a Migranten aus dem Irak, aus Syrien an aus anere Länner?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten